N°2702
Entrée le 30.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2702 vum 30. Juli 2025 vum den éierewäerten Deputéierten Octavie Modert a Jeff Boonen iwwert d'Erdmandelgras**

**1. Ass d'Aart *Cyperus esculentus* zu Lëtzebuerg schonn offiziell detektéiert ginn?**

**1.1. Wa jo, wéini a wou genau?**

Jo, an enger Bamschoul konnt d'Virkomme vun der Erdmandel (*Cyperus esculentus*) de 27. August 2024 vun engem Expert confirméiert ginn.

**1.2. Wa jo, wat fir Schied bei den Erträg oder bei der Biodiversitéit sinn zu Lëtzebuerg bis elo duerch d'Aart dokumentéiert ginn?**

Bis elo gouf et zu Lëtzebuerg kee finanziellen Opwand deen duerch dat manuellt Erausrappe vun der Planz entstan ass.

De negativen Impakt vun der Erdmandel op d'Biodiversitéit gëtt éischter als marginal agestuuft. D'Aart ass haaptsächlech dofir bekannt a landwirtschaftleche Kulture fir ekonomesch Schied ze suergen.

**2. Ginn et national Moossnamen, fir des invasiv Aart ze identifizéieren, ze kontrolléieren oder ze bekämpfen?**

Dës Aart gëtt vun der EPPO (European and Mediterranean Plant Protection Organisation) als invasiven Neophytt gefouert. Am "European Alien Species Information Network" gëtt si ënnert der EASIN ID: R04713 als " Alien species with impact" beschriwwen, mee zu dësem Zäitpunkt gëtt si weeder am Europäesche Reglement 1143/2014[1] nach am EU-Règlement 2016/2031[2] als reglementéierten „Schuedorganismus" opgelëscht.

Wann dës Aart momentan enzwousch festgestallt gëtt an d'Autoritéiten informéiert ginn, kënne si berodend intervenéieren. Et gouf am Kader vum Éischtnoweis eng wëssenschaftlech a praktesch Begleedung am Optrag vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, fir d'Aart lokal an effikass ze bekämpfen, dëst fir ze verhënneren datt d'Planz sech weider verbreet.

Et gëllt ze rappeléieren datt weiderhin d'Ausbezuelen vun de PAC-Hëllefen un d'Respektéiere vun de Grondufuerderunge fir d'Betribsfeierung an d'Standarde fir de gudden landwirtschaftlechen an ökologesche Zoustand (GLOZ) gebonnen ass.

[1] Règlement (UE) No 1143/2014 du 22 octobre 2014 relatif à la prévention et à la gestion de l'introduction et de la propagation des espèces exotiques envahissantes.
[2] Règlement (UE) 2016/2031 du Parlement européen et du Conseil du 26 octobre 2016 relatif aux mesures de protection contre les organismes nuisibles aux végétaux

Et ass virgesinn d'Ermandelgras am Kader vum GLOZ 8 („Erhalt vun net-produktiven Landschaftselementer a Flächen zur Verbesserung vun der Biodiversiteit ") op d'Lëscht vun Aarten ze setzen déi obligatoresch musse bekämpft ginn.

**3. Sinn Informatiounscampagne geplangt, fir d'Baueren ze sensibiliséieren?**

D'Erfarung vum Ëmgang mam Éischtnoweis ka genotzt gi fir de landwirtschaftleche Secteur an Zukunft ze informéieren. De Landwirtschaftsministère plangt eng Informatiounscampagne fir d'Betriber ze sensibiliséieren a wäert e Monitoring op ufällege Flächen en place setzen.

Lëtzebuerg, den 30. September 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit